B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## Kapitel 2

# Léisungen Kapitel 2

## *Erausgoen a soziaalt Liewen* Säit 22+23

*1. Lauschtert. Schreift a Stéchwierder, wat d'Persoune gutt a wat si net esou gutt fannen. Vergläicht mat Ärem Noper.* *18-25*

*Zum Beispill:*

1. Gutt: et brauch ee keen, fir matzegoen, Filmer an Originalversioun
   Net gutt: 3D-Bréller, Leit, déi am Kino iessen

2. Gutt: variéierte Programm, sozial Präisser am Abo
   Net gutt: dacks eleng, ustrengend an der Woch

3. Gutt : Frënn treffen, Futtballsmatcher zesumme kucken
   Net gutt: d'Leit drénken heiansdo ze vill

4. Gutt: flott Ofwiesslung, gemittlech
   Net gutt: deier, matzäit reservéieren

5. Gutt: Nocturnen, oft eppes Neies a Galerien
   Net gutt: owes net lang op, eleng

6. Gutt: reservéiert Pist, bal Profien, Frënn treffen
   Net gutt: geléinte Schong sinn net agreabel

7. Gutt: grouss Offer u Concerten
   Net gutt: net geschenkt

8. Gutt: Frënn treffen, cool
   Net gutt: wann ee fir en Exame léiere muss

# *Wat leeft de Weekend?* Säit 24-27

*1. Kuckt de Manifestatiounskalenner a lauschtert d'Rubrik „Agenda" vum Radio. Iwwert wat fir Evenementer aus dem Manifestatiounskalenner schwätze si och am Agenda? Markéiert déi Evenementer.* **26**

*3. Lauschtert d'Kommentare vu véier Leit, déi de Weekend op enger vun deene Manifestatioune waren. Schreift d'Zuelen 1 bis 4 bei déi richteg Manifestatioun am Agenda.* **27-30**

## 18 Freideg

**19:00**

### Brauche mir Konscht?

Eng Konferenz mam Professer Alain Jeblick iwwer Sënn an Onsënn vun der Konscht
Duerno: Nuetsvisitt duerch de Musée mat originelle Perspektiven

**Foyer vum MUDAM**

**19:00**

### Kladderadatsch 2

Sproochecafé mat Lëtzebuergesch, Franséisch, Italieenesch, Russesch a Spuenesch.
Eng Geleeënheet, fir bei engem gemittleche Patt an engem klenge Maufel Är Friemsproochen ze praktizéieren.

**Café Baudelaire**

**19:30**

### Literaturen X

Dräi jonk Lëtzebuerger Schrëftsteller liesen aus hire Wierker, an dräi Sproochen:
Julien Paqué: Komm mat op Jerusalem!
Claire Jensen: Qui est cet étranger?
Mila Maller: Here is the thing

**Café Dicks**

**20:00**

### Le Club des chômeurs

Am Kader vun der Retrospektiv Thierry Van Werveke
E Film vum Andy Bausch aus dem Joer 2003

**Cinemathéik**

**20:00**

### Catch up X

En Theaterstéck net wéi all anert
Fënnef Mënsche mat enger Behënnerung spillen, sangen an danzen.
Am Kader vun de Journées „Eng Stad fir eis all"

**Studio vum Neien Theater**

**21:00**

### UFF Release-Party

D'Band „Deep Dark" presentéiert hiren neien Album „Hell is over": Alternative Punk vum Feinsten

**Café Orcas**

## 19 Samschdeg

**19:00**

### Dinner in the Dark 4

De Service Integratioun vun der Stad Lëtzebuerg organiséiert am Kader vun de Journées „Eng Stad fir eis all" en Owesiessen am Däischteren. Dir gitt begleet vu Leit, déi guer net oder bal net gesinn. Eng Experienz fir e bessert Versteesdemech.

**Restaurant „De sëlwere Läffel"**

**19:30**

### ARYTHMétique X

Déi bekannt franséisch Compagnie „Les Etoiles sur le sol" weist hiren neien Danzspektakel mat 10 Dänzer, 10 Dänzerinnen an 20 Percussionisten.

**Escher Theater**

**19:30**

### Zirkus „Spagat"

Eng faarweg Show vun de Schüler aus der Zirkusschoul: Akrobatik, Zauberei, Clownen

**Zelt um Glacis**

**20:00**

### La Revanche

Am Kader vun der Retrospektiv Thierry Van Werveke
E Film vum Andy Bausch aus dem Joer 2004

**Cinemathéik**

**20:00**

### Finall vun der Fussball-Europameeschterschaft X 3

Public Viewing um groussen Ecran mat vill Stëmmung ronderëm Iess- a Gedrénksstänn, Live-Animatiounen

**Knuedler**

**21:30**

### Nuetsrallye um Belval 1

Exploratioun vum Site Belval a Visitt vun den Héichiewen
De Site ass fir dës Geleeënheet speziell beliicht.
Als Ofschloss (géint 23 Auer): Spectacle Sons et Lumières

**Rendez-vous bei der Rockhal**

## 5. *Schreift d'Sätz färdeg. Dir braucht Informatiounen aus deene véier Texter. Frot dofir d'Leit aus Ärer Klass, déi déi aner Texter gelies hunn.*

*Zum Beispill:*

D'Nicole huet et spannend fonnt, well hatt net wousst, wat um Teller war.
Et schmaacht een net direkt, wat een ësst, well een net gesäit, wat een ësst.
Et huet dem Nicole speziell gutt geschmaacht, well hatt sech ganz op de Goût konzentréiert huet.

Dem Paula ass et komesch ginn, well hatt d'Héicht net verdréit.
Dem Paula huet de Site extra gutt gefall, well e speziell beliicht war.
D'Paula war enttäuscht, well si net den éischte Präis gewonnen hunn.

De Pit ass op de Sproochendësch gaangen, well hie Spuenesch léiert an dat eng gutt Geleeënheet war, fir ze praktizéieren.
De Pit war iwwerrascht, well esou vill Leit do waren an och vill Leit, déi Lëtzebuergesch léieren.
De Pit souz um Lëtzebuergeschdësch, well de Spueneschdësch net immens besat war.

De Serge war am Ufank genervt, well immens vill Leit um Knuedler waren.
Déi italieenesch Supportere ware rosen, well den italieenesche Golkipp eng Rout Kaart krut.
De Serge war zum Schluss erliichtert, well alles ouni gréisseren Têschefall ofgelaf ass.

## 8. *Liest a lauschtert déi zwee Gespréicher. Wat sinn d'Ënnerscheeder? Ënnersträicht.* 31-32

- Salut Pit, ech sinn et. Hues de Loscht, den Owend mat an de Kino ze goen?
- *Jo, dat ass eng gutt Iddi. Wat leeft dann?*
- Hues du deen neie Spielberg scho gesinn? Ech hu Loscht, dee kucken ze goen.
- *Nee, mee ech fäerten, dat ass nees sou en Actionfilm. Ech gi léiwer dee Thriller mam Jude Law kucken.*
- Dat ass och eng Iddi!

- Salut Pit, ech sinn et. Häss de Loscht, den Owend mat an de Kino ze goen?
- *Jo, dat wier eng gutt Iddi. Wat leeft dann?*
- Hues du deen neie Spielberg scho gesinn? Ech hätt Loscht, dee kucken ze goen.
- *Nee, mee ech fäerten, dat ass nees sou en Actionfilm. Ech géif léiwer dee Thriller mam Jude Law kucke goen.*
- Dat wier och eng Iddi!

## 12. *Liest a lauschtert dem Massimo säi Portrait. Markéiert mat zwou verschiddene Faarwen, wat hie gär mécht a wat hien net gär mécht.* 33

wat hie gär mécht
wat hien net gär mécht



De Massimo ass viru véier Méint op Lëtzebuerg komm. Hie kënnt aus enger klenger italieenescher Stad bei Roum. Hien ass net bestuet a wunnt eleng. Hie schafft fir eng italieenesch Firma als Commercial um Kierchbierg a reest zimmlech vill fir seng Aarbecht. Dat gefält him ganz gutt. Wann hien zu Lëtzebuerg ass, fiert hie vill mam Vëlo oder hie geet an de Bësch lafen. Beim Laftreff huet hien och scho Leit kenne geléiert. Um Büro hu se eng Fussballsekipp, dat géif hien och interesséieren. Fussball war nach ëmmer säi groussen Hobby. Wann owes kee vu senge Bekannten oder Kolleegen Zäit huet, bleift hien doheem, well hien net gär eleng an e Café geet. Heiansdo geet hien awer an de Kino, am léifste kuckt hie lëschteg Filmer. Invitatiounen, fir an den Theater ze goen, huet hie bis elo ëmmer refuséiert, dat ass wierklech net senges. Zënter zwee Méint ass hien och an engem Sproochecours, fir e bësse Lëtzebuergesch ze léieren. Dee Cours mécht him richteg vill Spaass, hien huet och do schonn eng Partie Leit aus der ganzer Welt begéint.

*13. Lauschtert d'Dialoger. Wat maachen déi verschidde Persounen de Weekend? Notéiert Stéchwierder a vergläicht duerno mat Ärem Noper.* 34-37

*Zum Beispill:*



D'Nathalie an d'Claire

Café Baudelaire,
Sproochendëscher,
Italieenesch verbesseren



De Julien an d'Sonia

Kapuzinertheater,
Nei Revue



De Paul an de Mike

Sportsbar, Halleffinall vun
der Champions League am
Fussball



De Mathieu an d'Alexandra

Kino, neie Film vum
Andy Bausch mat
Ënnertitelen

# Expressiounen op Lëtzebuergesch Säit 28

*2. Lauschtert elo, wat d'Persoun seet a schreift d'Expressiounen an d'Spriechblosen.* 39

Dat brécht mer d'Häerz.



1 Hien ass traureg.

Ech hunn e Liewe wéi en Hond ouni Fléi.



2 Hien ass zefridden.

Ech si rout gi wéi eng Tomat.



3 Hien ass genéiert.

Ech hu mech gefreet wéi e Kichelchen.



4 Hien ass frou.

Mir fält e Stee vum Häerz!



5 Hien ass erliichtert.

Dat geet mer op d'Strëmp!




6 Hien ass genervt.

Ech stoung do wéi bestallt an net ofgeholl.



7 Hien ass enttäuscht.

Ech sinn aus alle Wolleke gefall!



8 Hien ass iwwerrascht.

Ech sinn aus der Këscht gesprongen.



9 Hien ass rosen.

Ech hunn esou vill ze dinn, ech schloen d'Rad.



10 Hien ass gestresst.

# EmoXien Säit 30+31

*1. Kuckt d'EmoXien. Liest den Introduktiounstext a schreift bei all EmoXie d'Nummer vun der Kategorie*


6

2

7

6

9

3

8


5

**Wëllkomm an der Welt vun den EmoXien**

Mat hirem onverwiesselbaren Design spigelen d'EmoXien – déi lëtzebuergesch Interpretatioun vun den Emojien – déi ënnerschiddlech Facettë vun eisem schéine Land erëm.

Si si fir Ären Alldag entwéckelt ginn, also benotzt an deelt se esou dacks, wéi Dir wëllt. Vill Spaass beim EmoXie-en!

D'EmoXië sinn an Theemegruppen agedeelt, déi e puer vun deene wichtegste Piliere vum Land behandelen:
Expressiounen ①, Emotiounen ②, Industrie ③, Kultur ④, Tourismus ⑤, Gastronomie ⑥, Sport ⑦, Transport ⑧ an Déieren ⑨.

*(Text vum Internetsite www.emoxies.lu, 2019)*



4

4

2


3

7


1

5


8

9


1

*3. Liest a lauschtert d'Texter. Wat fir en EmoXie passt bei wat fir een Text? Schreift déi richteg Zuel derbäi.* **40-45**


1

2

3

4

5

6

**A**
EmoXie 4

**B**
EmoXie 1

**C**
EmoXie 5

**D**
EmoXie 6

**E**
EmoXie 3

**F**
EmoXie 2

# *Invitatiounen* Säit 32-35

*1. Liest a lauschtert déi dräi Aussoen. Wat huet d'Leit irritéiert? Ënnersträicht.* ***46-48***



Maria
Ech war de leschte Weekend op menger Kolleegin Melanie hire 50. Gebuertsdag invitéiert. Ech war richteg frou, well ech nach net laang hei wunnen an endlech e puer Leit kenne geléiert hunn. Ech hunn och e klenge Kaddo matgeholl. Ech weess, datt hatt Gaardenzwerge sammelt, an dofir hunn ech him e ganz originelle kaaft. Mee ech war immens iwwerrascht, datt ech dat Eenzegt mat engem Kaddo war. Op engem groussen Dësch stoung eng Këscht mat enger Foto an do konnt een eng Enveloppe mat Suen drageheien. Ech hunn dat e bësse komesch fonnt, well ech weess, datt d'Melanie net aarm ass, a firwat soll ech him da Sue schenken? Dat ass net immens perséinlech.

Rose
Virun zwou Woche war ech bei mengen neie Frënn, dem Jacques an dem Françoise, invitéiert. Op der Invitatioun stoung „20 Auer"; fir net onhéiflech ze sinn, sinn ech um hallwer néng komm. Si haten do schonn ugefaange mat iessen; si hu gemengt, ech kéim net méi. Mee firwat hu si mir net ugeruff an nogefrot? Fir mech ass et normal, e bësse méi spéit ze komme wéi dat, wat op der Invitatioun steet.





Boris
Wéi ech déi éischt Kéier hei bei Frënn doheem invitéiert war, war et fir mech normal, datt ech nom Iesse beim Raumen a Spullen hëllefen. Mee ech war deen Eenzegen, deen opgestanen ass a gehollef huet, den Dësch ofzeraumen. An der Kiche war och zimmlech vill Duercherneen an ech mengen, ech hunn do e bësse gestéiert. Déi nächst Kéier bleiwen ech och sëtzen, ausser ech gesinn, datt meng Hëllef erwënscht ass.

*6. Liest d'Invitatioun a lauschtert den Dialog. Notéiert déi verschidden Iddie fir e Kaddo an de Grond, firwat si dat awer net mathuelen.* ***49***

Eng schéi Käerz oder eng flott Corbeille: Si sollen näischt mathuelen.

Eng Zalot oder en Dessert: Si wëssen net, wat gegrillt gëtt an da passt et eventuell guer net bei déi aner Saachen.

Eng Këscht Knippercher: De Pit probéiert, seng Ernierung ëmzestellen. Hie wëllt elo manner Zocker a manner Kuelenhydrater iessen

E schéine Bouquet: D'Monika huet eng Allergie op verschidde Schnëttblummen.

## 7. Lauschtert a liest den Dialog. Fëllt den Text aus. 50

● Pit ● Monika

- ● Kuck mol Monika, wat eis Gäscht ....**eis**........ vill Kaddoe matbruecht hunn!
- ● Jo, an dobäi hate mir ..**hinnen**.... nach extra gesot, si sollen ....**eis**........ näischt schenken.
- ● O weess de wat? Ech mengen, mir schenken dat alles weider.
- ● Ma dat ass eng gutt Iddi. Kuck mol hei déi Fläsch Wäin! Déi ginn ech muer ..**mengem**.. Kolleeg, ...**dem**........ Jos.
- ● An hei dat Schiertech! Et ass jo ganz flott, mee dat schenken ech .**mengem**.. Brudder; hie mécht sech beim Kachen ëmmer knaschteg.
- ● Da kanns du ....**him**...... och direkt d'Kichendicher dobäi schenken.
- ● Jo, an dat Kachbuch hei, dat wier dach eppes, fir ..**denger**... Mamm ze schenken.
- ● Wëlls du domat soen, datt si net kache kann?
- ● Nee, mee du hues .....**hir**........ scho laang kee Kaddo méi gemaach.
- ● Jo, mee si .....**mir**........ och net. O, a kuck hei, e Kalenner mat Kazefotoen. Firwat huet d'Josiane ...**eis**........... deen da geschenkt?
- ● Hatt huet sécher gemengt, dee géif ....**mir**....... gefalen. Ech gi .**mengen**... Neveuen en.
- ● Jo, si hu jo véier Kazen. Dee gefält ....**hinne**...... bestëmmt besonnesch gutt.
- ● O, an hei déi Vas, wiem solle mir déi da schenken? Vläicht .....**dem**....... Sophie? Hatt ass dach sou frou mat Blummen.
- ● Gutt Iddi! Mee huet hatt .....**eis**......... déi Vas net matbruecht? Dat wier jo eng penibel Situatioun, wa mir .....**him**........ se géifen zeréckginn!